

## Evangelium vum 2. Faaschtesonndeg (Joer A)

### Mt 17,1-9

- 1 De Jesus huet de Péitrus, de Jakobus  
an deem säi Brudder, de Johannes, matgeholl  
an si op en héije Bierg gefouert, wou si fir sech waren.
- 2 Virun hiren Ae gouf hie verwandelt:  
Säi Gesiicht huet geliicht ewéi d'Sonn,  
an seng Kleeder goufe wäiss ewéi d'Liicht.
- 3 A kuck, de Moses an den Elias sinn hinnen erschéngen  
an hu mam Jesus geschwat.
- 4 Du sot de Péitrus zum Jesus:  
"Här, et ass gutt, datt mir hei sinn.  
Wann s du wëlls, da riichten ech hei dräi Zelter op,  
eent fir dech, eent fir de Moses an eent fir den Elias."
- 5 Iwwerdeems hien nach geschwat huet,  
kuck, dunn huet eng Wollek, déi vu Liicht ëmgi war,  
hire Schiet op si gehäit,  
an du sot eng Stëmm aus der Wollek:  
"Dat hei ass mäi Jong, an ech hunn hie gär;  
hie steet a menger Gonscht.  
Lauschtert op hien!"
- 6 Wéi d'Jünger dat héieren hunn,  
hunn si sech niddergehäit, mam Gesiicht op de Buedem,  
well eng freeschlech Angscht an si gefuer war.
- 7 Dunn ass de Jesus op si duerkomm,  
huet si beréiert  
a sot: "Stitt op a fäert net!"
- 8 Wéi si opgekuckt hunn,  
hunn si soss kee méi gesi wéi just de Jesus.
- 9 Iwwerdeems si de Bierg erofgaang sinn,

huet de Jesus hinnen den Uerder ginn:

"Sot kengem eppes vun deem, wat dir gesinn hutt,  
bis de Mënschejong aus dem Doud erwächt ginn ass!"